De Beamer an der Klass

-en Unterrechtsmëttel wat sech immens variabel asetze léisst

Fir Enseignanten déi déi „Nei Medien“ als wichteg Aarbechtsmëttel an der Klass asetzen ass de Beamer zu engem onverzichtbaren Outil gin.
(Dofir huet z.Bsp. d'Stadt Lëtzebuerg all Klassesall mat engem fest montéierte Beamer ausgerüst.)

Do wou et sech maache léisst, ass eng fest Installatioun um Plafang dat sécherst an och dat prakteschst. De Beamer gët doduerch nët méi su vill deplacéiert, wat d'Liewensdauer vun deene ganz deiere Biren eropsetzt. Ausserdeem ka kee méi iwert de Kabel falen an de Beamer emstoussen.
(Beim Plange vun neie Säll muss onbedéngt dru geduercht gin, dass déi sech genuch verdonkle loossen!)
En ass permanent un engem Computer fest ugeschloss a kann, dee Moment wou e gebraucht gët, matzen am Unterrecht, direkt benotzt gin (wi eng Tafel wou d'Kräid prett do läit).

Hei eng Partie Uwendungsméiglechkeeten wou de Beamer zum Asaz kënnt:

- Den Enseignant bereet eng Präsentatioun vir fir e Sujet an engem Fach anzeféieren, z'erklären oder ze verdéiwen. Sou kann een de Beamer mam Powerpoint benotzen fir eng Astiegssequenz ze verbildlechen (z.Bsp. Zehnerüberschreitung), an am Laf vum Unterrecht gräift een dee Moment wou et néideg ass rem drop zréck.
- D'Schüler man eng Rechercheaarbecht zu engem bestëmmten Thema a stellen dat hiere Klassekomeroden oder anere Klasse vir.
- Nei Manipulatiounen um Computer oder den Emgang mat enger Lernsoftware, asw. kënnen der ganzer Klass anschaulech erklärt gin.
- Am Internet fënnt een eng Onmass u Filmer an Animatiounsclipen (z.Bsp. eduMedia - Flash Animatiounen bei mySchool, Filmer am Encarta, bei planet-wissen.de,...) déi an der Schoul agesat kënne gin fir an e Sujet anzeféieren, fir zousätzlech Informatiounen zum Sujet dee behandelt gët/gouf ze gin, fir dat wat geléiert gët/gouf z'illustréieren, fir eng Diskussioun unzereegen, fir dono en Aarbechtsoptrag ze gin deen sech op déi Animatioun bezitt,....
- Et kann een en Deel vun enger DVD iwert de Computer ofspillen fir an e Sujet anzeféieren, fir zousätzlech Informatiounen zum Sujet dee behandelt gët/gouf ze gin, fir dat wat geléiert gët/gouf z'illustréieren, fir eng Diskussioun unzereegen, fir dono en Aarbechtsoptrag ze gin deen sech op deen Extrait bezitt,...
- Et kann een en Deel vun enger Lernsoftware iwert de Computer ofspillen fir an e Sujet anzeféieren, fir zousätzlech Informatiounen zum Sujet dee behandelt gët/gouf ze gin, fir gemeinsam eppes ze üben, fir dat wat geléiert gët/gouf z'illustréieren,...
- Et fënnt een och fir all Fach vill Exercicen déi online och mol gemeinsam mat der Klass gemaach a kommentéiert kënne gin.
- Den Enseignant bereet Aarbechtsblieder um Computer vir a kann se dann iwert de Computer gemeinsam mat der Klass aféieren/erklären an dono och mat de Schüler gemeinsam verbesseren.
- Biller aus (Biller)bicher, Wimmelbiller, Comic-Säiten wou een den Text aus verschiddene Spriechblosen eweghëllt,... kënne gescannt gin an am Sproochunterrecht op vill Art a Weisen agesat gin.

Bsp. Billerbuch ascannen, Power-Point draus machen a mat der Hör-Cd virspillen oder virliesen.

- Animatiounen ofspillen z.Bsp. fir Liesufänger: Bild & Mila-Plättchen als visuell Stëtz bei der Lautanalyse vun eenzelne Wierder.
- D'Recherchéieren an d'Noschlon ass eng wichteg Fähegkeet, déi d'Kanner lues a lues léiere sollen. Fir dat an der Klass virzeweisen eegent sech e Beamer ganz gutt.
- Exemplaresch kann ee virféieren wéi een Informatiounen déi een zu engem Thema am Internet gesammelt huet analyséieren (hannerfroen, iwerpréiwen) a strukturéiere kann.
- Zousätzlech Méiglechkeeten huet een am (Eveil aux) Sciences-Unterrecht, wann een eng Kamera oder eng Stereolupp mat Kamera un de Computer uschléisst.
- Übungen bei deenen et drems geet fir eppes schnell visuell z'erfaassen loossen sech ganz gutt mat Beamer&Computer man.
  Bsp. Et kann ee Wieder/Sätz (kuerz) projezéieren déi d'Kanner méiglechst gutt visuell erfaasse sollen fir se dono (als Diktat) ze schreiwen. (De Virdeel heivun ass, dass se méi liicht op eppes fokusséiere kënnen, Wuertbiller besser ophuele kënne wi wann se en Diktattext viru sech leien hun.)
- E Brainstorming (oder eng Mindmap) fir Iddien zu engem Thema ze sichen kann een um Computer man, do ass ee vun der Plaz hier manner limitéiert wi wann een dat un der Tafel mecht. Ausserdeem huet een d'Tafel dann nach fräi fir aner Inhalter.
- An der Spillschoul an am Ënnergrad kënnen oft Biller a kuerz Filmclipen déi d'Kanner interesséieren a stimuléieren projezéiert gin fir se dann dono als Sproochuläss oder als Ureegung fir kreativ ze gin ze notzen.
- Artikelen zu gréisseren aktuellen Virkömmnisser fënnt een den Dag selwer am Internet a kann se dann an der Klass projezéieren fir mat de Schüler iwer dat Evenement ze schwätzen.
- Et kann ee mat de Schüler gemeinsam Geschichten erfannen, wou 1 tippt an den Text gët projezéiert, resp. wou verschidden Geschichtsdeeler zesummegesat oder beschwat a verbessert gin.
- Et kann ee mat engem Camcorder d'Schüler filmen (am Kader vum Sproochunterrecht z.Bsp.) an dat dann an der Klass oder bei engem Elteregespréich virspillen.
  Oder et filmt een d'Schüler bei verschiddene schouleschen Aktivitéiten während dem ganze Joer a weist dat da bei engem Elterenowend.
  Fotoen déi een während dem Joer gemaach huet kann een den Elteren och mat engem Beamer projezéieren.
- Um Elterenowend kann de Beamer (PowerPoint) agesat gin fir Informatiounen iwwer Sënn an Wäert vun de verschiddenen Aktivitéiten ze vermëttelen, dem Enseignant séng Methode virzestellen, bestëmmte Prozeduren anschaulech z'erklären (z.Bsp. passage primaire-secondaire),...
- ...

Enseignanten déi regelméisseg de Computer an der Klass asetzen kënnen mat engem Beamer dee fest installéiert ass hieren Unterrecht méi interessant an ureegend, méi ofwiesslungsräich an och méi effektiv gestalten.